



NÄCHST PROJEKTIONEN

Méindeg

17.10

19:00

**AVANT-PREMIÈRE
KINEPOLIS KIERCHBIERG
(ENTRÉE JUST OP
INVITATIOUN)**

45 Av. John F. Kennedy
L-1855 Luxembourg

Mëttwoch

19.10

19:00

PREMIÈRE AM UTOPIA

16 Avenue de la Faïencerie
L-1510 Luxembourg

Dënschdeg

25.10

19:00

**PROJEKTION MAT
USCHLÉISSENDER
TABLE RONDE AM
UTOPIA**

16 Avenue de la Faïencerie
L-1510 Luxembourg

>> ab dem 19. Oktober fannt Dir
déi weider Projektionszäiten
op <https://kinepolis.lu/fr/>

„Meeschtens mécht et Spaass, Bauer ze sinn, mee heiansdo sees de och: *Jëses, Maria, Jousef, wat maache mer hei?*“

Fränk **MILLER**

„Wann een an der Landwirtschaft versicht méiglechst bëlleg ze produzéieren, dann huet een hannendru Kollateralschied. An déi bezillt schlussendlech d'Allgemengheet.“

Jean-Lou **COLLING**

„Et huet mech impressionéiert, dass een och Landwirtschaft ouni chemesch-syntheetesche Dünger a Spréitzmëttel maache kann.“

Jean-Marie **KAES**

„Um Feld kënnst och heiansdo en Onkraut duerch, mee dat soll jo esou sinn, et muss och eppes do si fir d'Insekten.“

Jos **SCHANCK**

„Hätt ee mär deemols gesot: *A sechs Joer stells du ëm op Bio*, ech hätten gesot: *Ma hues du se nach all...?!*“

Pierre **WITRY**

„D'Leit si bei eis um Haff jidderzäit wëllkomm. Mir soen: *Kommt, kuckt eis no wéi mer schaffen, mir hu wierklech näischt ze verstopen.*“

Tom **KASS**

VU BUEDEM BAUZEN A BIOBAUEREN

e Film vum **Tom ALESCH**

marcinimdesign

Genre Dokumentarfilm

Dauer 88 min

Versioun LU

Ennertitelen FR/EN

CREW

TOM ALESCH – Realisatioun
DANIELA NOESEN – Produktioun
AENDER SCHANCK – Produktioun
NIKOS WELTER – Bild
DOREEN TEYKA – Toun
MARC MERGEN – Musek
PIA DUMONT – Schnëtt

CAST

HENDRIK VON CARLOWITZ
JEAN-LOUIS COLLING
MONIQUE FABER
CLAUDE FELTEN
FRANCIS JACOBS
JEAN-MARIE KAES
JEAN-PAUL KAES
MARIE-ANNE KAES-WAGENER
TOM KASS
ANJA STAUDENMAYER
WILLY KASS
PATRICK KOLBUSCH
GUY KRIER
FRÄNK MILLER
DANIELA NOESEN
BEN MANGEN
VOLKER MANZ
DANIEL SCHAAF
AENDER SCHANCK
JOS SCHANCK
MARLENE SCHANCK
VIVIANE SCHANCK
CAROLINE WITRY-MASSARD
PIERRE WITRY
STÉPHANIE ZIMMER

Partner & Sponsoren



SYNOPSIS

VU BUEDEM, BAUZEN A BIOBAUEREN

Während Joerzénge wollt d'Agrarpolitik vun eise Baueren, dass si vill a bëlleg produzéieren. Haut wësse mer, dass e System, deem nëmmen op Wuesstem opgebaut ass, weltwäit zu groussen Ëmweltschied féiert an zu Problemer, déi mer ëmmer manner am Grëff hunn. Wa mer näischt änneren, riskéiere mer, dass mer geschwënn iwwerhaapt keng Liewensmëttel méi produzéiere kënnen.

Biolandwirtschaft ass eng Léisung, déi sech ëmmer méi Länner op de Fändel schreiwen. Och zu Lëtzebuerg soll et a manner wéi 30 Joer just nach Biobetriber ginn.

VU BUEDEM, BAUZEN A BIOBAUEREN weist Mënschen, déi haut scho mat vill Motivatioun Bio maachen. Baueren a Wënzer huelen eis mat op hiren Haff an op hir Stécker a weisen eis, wat si maache fir Liewensmëttel ze produzéieren déi gesond si fir de Mënsch an d'Natur, déi Ressourcë schounen an um Enn e Gewënn fir déi ganz Gesellschaft sinn.



KONTAKT

**Vereenegung fir
Biolandwirtschaft
Lëtzebuerg asbl.**

13, rue Gabriel Lippmann
L-5365 Munsbach
Luxembourg

T. (+352) 26 15 23-74
info@biobauzen.lu

DOWNLOAD

vum Presse-Kit



VU BUEDEM, BAUZEN A BIOBAUEREN

D'Vereenegung fir Biolandwirtschaft Lëtzebuerg a.s.b.l. ist sehr stolz und dankbar, heute den ersten Film über die Luxemburger Biolandwirtschaft präsentieren zu dürfen.

2018 hat die Luxemburger Regierung das Erreichen von 20 % Biolandwirtschaft bis 2025 als Ziel in ihrem Koalitionsabkommen formuliert und sogar 100% Biolandwirtschaft bis 2050. Diese ambitionierten Ziele decken sich mit den Zielen der EU, die in ihrer Farm-to-Fork-Strategie das Ziel, die Biolandwirtschaft in der EU bis 2030 auf 25% auszudehnen, festgelegt hat.

Der PANBio2025 des Landwirtschaftsministeriums wurde aufgestellt, um diese Ziele in Luxemburg umzusetzen. Dieses ambitionierte Vorhaben haben wir zum Anlass genommen, um einen Film über die Luxemburger Biolandwirtschaft zu produzieren. Denn eines ist, unserer Ansicht nach, sicher: regionale und faire Lebensmittelproduktion ist nur dann nachhaltig und zukunftsträchtig, wenn sie gleichzeitig Bio ist.

Deswegen möchten wir mit diesem Film mehr Bewusstsein für die Biolandwirtschaft schaffen und erklären, was, warum, so und nicht anders im Biolandbau gemacht wird. Biobauern erzählen authentisch aus ihrer täglichen Arbeit und was ihnen wichtig ist, aber auch von dem was sie für die Zukunft bewegt. Weitere Bioakteure aus den Bereichen Bioberatung – und Forschung, sowie aus der Verarbeitung und dem Biohandel kommen im Film zu Wort und stellen ihre Arbeit und die damit verbundenen Herausforderungen dar. So können im Film alle Bereiche und Strukturen der Luxemburger Biolandwirtschaft vorgestellt werden, damit ein rundes Bild des Verständnisses entstehen kann. Der Film soll nicht missionieren oder belehren, sondern erklären, aufklären und motivieren, sich für Biolandwirtschaft und Ernährung zu interessieren. Wir können nur das erhalten, was wir kennen, begreifen und lieben.

In diesem Sinne möchten wir für Biolandwirtschaft begeistern und ermahnen, dass wir jetzt die richtigen politischen Rahmenbedingungen stellen müssen, damit der Umbau gelingt. Die Umsetzung der Regierungsziele kann nur gemeinschaftlich gelingen. Daher sind wir froh, dass dieses Projekt vom Landwirtschafts-, Erziehungs-, Umwelt- und Verbraucherschutzministerium aktiv unterstützt wird und hoffen, dass auch in Zukunft der Ausbau der Biolandwirtschaft von allen Ministerien aktiv mitgetragen wird.

Der Film richtet sich natürlich an die ganze Gesellschaft und soll eine Lanze für mehr Verständnis für den Beruf des Bauern, insbesondere für die Biobauern und deren Leistungen für die Gesellschaft brechen.

Die Sensibilisierungsarbeit, die wir mit diesem Film verbinden wollen, richtet sich außerdem an Schüler und Auszubildende. Gemeinsam mit dem Team des SCRIPT des Erziehungsministeriums haben wir in einer sehr guten und produktiven Zusammenarbeit pädagogisches Material erstellt, welches den Film fächerübergreifend begleitet und sich an die Altersklasse ab 15 Jahre richtet. Es wurde ein Kartenspiel zum Film entwickelt, in welchem die Spielenden Aufgaben lösen müssen, indem sie verschiedene „Ressourcen“ sammeln – aber Vorsicht - es kann immer Ereignisse geben, die das Spiel beeinflussen. Des Weiteren wird es ein Kit geben, um in den Klassen Leguminosen anzubauen und zu beobachten. Ebenfalls wird es möglich sein den Film und seine Akteure in Projekttag u.ä. einzubinden.

Während der Kinolaufzeit sind Filmabende mit anschließender Diskussion vorgesehen. Informationen zu den Laufzeiten und weiteren Terminen, sowie Informationen rund um den Film findet man auf der Homepage:

www.biobauzen.lu

VEREENEGUNG
BIOLANDWIRTSCHAFT
LËTZEBUERG ASBL





STILLS AUS
DEM FILM

VU BUEDEM, BAUZEN A BIOBAUEREN – NOTE D'INTENTION

„Wa se Bio kafen, dann denken déi meescht Leit virun allem un d'Gesondheet.“ Dat war eng vun den éischten Informatiounen, déi ech vun der Vereenegung fir Biolandwirtschaft krut, wéi mer iwwerluecht hunn, wéi e Film mer eigentlech maache wélten. De Wonsch war ze weisen, dass Biolandwirtschaft iwwert de Gesondheetsaspekt eraus nach aner Virdeeler huet, déi d'Leit net kennen.

Villes wosst ech schonn: Duerch Pestizide stierwen d'Insekten, fir de Soja dee mir eisen Notzdéiere verfiddere gi Reebëscher ofgeholzt, d'Produktioun vu Konschtdünger brauch extreem vill Energie an eng ze vill intensiv Kultur mécht, dass eis Biedem ëmmer manner fruchtbar ginn. Mir war kloer, dass déi Form vu Landwirtschaft, wéi mer se déi lescht Joerzénge gemaach hunn, un hir Grenze stéisst. Wa mer eis natierlech Systemer weider esou iwwerstrapazéiere wéi bis elo, da riskéiere mer, geschwënn iwwerhaupt keng Liewensmëttel méi produzéieren ze kënnen.

An dëser Situatioun weise mer gär mam Fanger op d'Bauern. Et muss een awer gesinn, dass si joerzéngetlaang duerch d'Agrarpolitik encouragéiert goufen, fir eng Landwirtschaft ze maachen, déi vill a bëlleg produzéiert, op Käschte vun der Natur an vu sozialen Ongerechtegkeeten.

Biologesch Landwirtschaft kann eng Léisung vun all dëse Problemer sinn. Mee wa mer vun enger Ëmstellung am grouse Stil schwätzen, ass fir mech eng zentral Fro, ob mer mat 100% Bio genuch Liewensmëttel produzéiere kënnen, fir dass all d'Mënsche genuch z'iessen hunn.

Dacks hunn ech gelies, dass biologesch Landwirtschaft manner produzéiert wéi konventionell Methoden. Dat stëmmt fir eis Regiounen, awer fir vill aner Länner, zum Beispill an Afrika, ass et genee ëmgedrënt. A mir produzéieren haut vill méi wéi mer brauchen. D'Argument, dass mer Bëscher ofholze missten, fir genuch Agrarfläche fir eng konsequent Biolandwirtschaft ze hunn, schéngt op jiddwer Fall falsch.

Seriö Etüden, zum Beispill déi, déi 2010 vum Rapporteur spécial vun der UNO fir d'Recht op Ernährung, dem belsche Jurist Olivier de Schutter, publizéiert gouf, weisen, dass Bio d'Welt ernäre kann, souguer wa mer an noer Zukunft villäicht zu 10 Milliarde Mënsche sollte sinn. Aner Etüden, déi deem widdersprieche, ginn an der Reegel dovun aus, dass mir et net packen, d'Verschwendung vu Liewensmëttel vun haut ongeféier 40% op ronn d'Hallschent ze limitéieren. An dass d'Mënschen net kapabel sinn, hire Konsum un Déiereprodukter wéi Eeër, Mëllech a Fleesch ze reduzéieren. Well ronn dräi Véierel vun de Kalorien déi op eise Felder wuesse gi verluer, wa mer se net selwer iessen, mee un eis Notzdéiere verfiddere. De Pessimismus vun dësen Hypothesen deelen ech net.

Zanter kuerzem gesäit och d'Politik biologesch Landwirtschaft als Léisung fir villes wat ökologesch aus dem Rudder leeft. Als eng Produktiounsform, déi wierklech nohalteg ass a laangfristeg bestoe kann.

Vu Buedem, Bauzen a Biobauern wëll en Abléck an dës Landwirtschaft ginn, andeems de Film deene Leit d'Wuert gëtt, déi haut scho Bio liewen. Bauern, Wëssenschaftler, Händler a Virdenker deelen hiert Fachwëssen, si weisen eis hir Techniken a schwätze vun hire perséinleche Motivatiounen fir eng „aner“ Landwirtschaft ze woen.

Dobäi gëtt och kloer, dass d'Bauern op eis all ugewise sinn. Als Konsumente kënnen mir déi Betriber ënnerstëtzen, déi esou produzéieren, dass et der Natur, eisen Notzdéieren an eis all gutt deet. D'Landwirtschaft ass e groussen Hiewel um Wee an eng zukunftsäeg Gesellschaft. Well iesse mussen mer. An ëmmer wa mer Liewensmëttel akafen kënnen mer matentscheeden, wéi produzéiert gëtt.

Tom Alesch
Realisatioun,
Oktober 2022